

EUROPEAN POLICYBRIEF

D'Fuerschungsaktivitéiten, op deenen dës Resultater baséieren, goufen am Kader vum Fuerschungs- an Innovatiounsprogramm „Horizon 2020“ vun der Europäescher Unioun iwwer de Subventiounsvertrag Nr. 649263 gefërdert.

Den Auteur ass eleng verantwortlech fir den Inhalt, deen net d'Meenung vun der Europäescher Kommissioun representéiert. D'Kommissioun ass net verantwortlech fir d'Benutzen vun Donnéeën, déi sech an dësem Dokument befannen.



MOVE

MAPPING VUN DER MOBILITÉIT - PARCOURSEN, INSTITUTIONEN A STRUKTURELL AUSWIERKUNGE VUN DER JUGENDMOBILITÉIT

Den zweete MOVE Policy Brief formuléiert Recommendationen op der Basis vun de Gesamtergebnisser vum Projet a konzentréiert sech dobäi speziell op d'qualitativ a quantitativ Analysen, mat deenen d'Qualitéit vu sechs verschiddene Mobilitéitstypen an der EU verbessert soll ginn

Aprëll 2018

ALLEDUNG

De Policy Brief II liwwert Fuerschungsergebnisser, déi op enger integrativer méistufiger Approche baséieren. D'Zil war et, Mobilitéitsmusterer vu Jugendlechen op verschiddenen Niveaueen an aus ënnerschiddleche Perspektiven ze ënnersichen. D'Gesamtzil vu MOVE besteet doran, op der Basis vu Fuerschungsergebnisser dozou bäizetroen, d'Konditiounen fir d'Mobilitéit vu jonke Leit an Europa ze verbesseren an déi negativ Impakter vun der Mobilitéit duerch gutt Praktiken ze reduzéieren, an doduerch d'nohalteg Entwécklung an d'Wuelbefannen ze fërderen.

Am Kader vum MOVE-Projet goufe sechs Typen vu Jugendmobilitéit am Detail ënnersicht: Schüleraustausch, Volontariatsmobilitéit, beruflech Mobilitéit, Héichschoul-Mobilitéit, Mobilitéit am Kader vun der Berufsausbildung an Entrepreneurship-Mobilitéit. D'Fuerschung gouf a sechs Länner duerchgefouert: Däitschland, Ungarn, Lëtzebuerg, Norwegen, Rumänien a Spuenien.

Dëse Policy Brief baséiert op den Haaptresultater vun de qualitativen a quantitativen Analysen, déi am Projet verknäppt goufen, woubäi d'Hannergrënn an d'Erfarunge vun Eenzelpersounen, hir Interaktioun mat hirem Ëmfeld, hiert soziaalt Kapital an hir Mobilitéitsketten an de Mëttelpunkt gestallt goufen. Dobäi goung et speziell ëm d'Dimensiounen, déi Mobilitéit behënneren oder fërderen, an ëm déi positiv an negativ Facteuren, déi d'Mobilitéit beaflossen. Dës Dimensiounen sinn:

1. sozial Bezéiungen
2. Léieren
3. individuell Entwécklung
4. Membership bei Organisatiounen
5. sozio-ekonomesch a Chancëstruktur
6. Dualitéit vun der Existenz
7. iwwergräifend Mobilitéit.

Si ginn am Folgenden als zentral Elementer ënnersicht, fir Recommendationen ze formuléieren, déi d'Qualitéit vun der Jugendmobilitéit an der EU verbessere kënnen

DATE MATERIAL AN ANALYS

Am qualitativen Aarbechtspackage (WP3) goufen 206 problemzentréiert an ausféierlech Interviewe mat mobille Jugendleche gefouert, mam Zil, d'Erfarungen aus der Perspektiv vun deene jonke Leit entweder während hirer Mobilitéitsphas oder am Noenan ze erfassen; si goufen ergänzt duerch 36 Interviewe mat Experten am Beräich vun der Jugendmobilitéit. Duerch dës Analys konnte folgend Mobilitéitsmusteren identifizéiert ginn:

- D'Peers als Mobilitéits-Inkubatoren
- Duerch Mobilitéit léieren
- Institutionalisiert Aarbechts- a Bildungsmoosnamen als national Ënnerstëtzungsmuster
- Membership an Organisatiounen, de Kär vun der Mobilitéit
- Jugendlecher mat hiren ambivalente Jugendpraktiken
- Den Dilemma vun der Dréidier.

No der Analys vun de Resultater aus deenen zwee viregten Aarbechtsschrëtt, gouf eng quantitativ Ëmfro (WP4) duerchgefouert. De quantitativen Deel vum Projet huet sech mat de Facteuren, déi d'Mobilitéit behënneren a fërderen, genee wéi mat de Motivatiounen, Erfarungen a Barrièren, op déi mobil an och net mobil Jugendlecher am Zesammenhang mat Mobilitéit gestouss sinn, an hirem jeeweilege sozialen Agebannesinn a sozialen Hannergrond befaasst. D'Resultater vun der Ëmfro baséieren op engem kombinéierten Datasatz vun 8.706 Befroten: 5.499 Befroter fir d'Panel-Ëmfro an 3.207 fir d'Schnéiklatz-Ëmfro, fir méi en equilibréiert Verhältnis tëschent deene verschiddene Mobilitéitsstypen an tëschent mobillen an net mobille Jugendlechen ze kréien. Doduerch konnten zentral Aspekter vun der Mobilitéit analyséiert ginn, zum Beispill:

- d'Hauptmotivatiounen fir d'Mobilitéit, déi bei der Mobilitéit aus Bildungsgrënn an där aus berufleche Grënn ënnerschiddlech sinn, an déi opgrond vu Makro-Determinante variéieren
- Informationsquelle fir d'Mobilitéit
- Vermëttlungsfunktoun a Verhale vu Jugendlechen am Beräich vun der Mobilitéit
- d'Roll vum soziale Kapital an de sozialen Netzwierker bei der Jugendmobilitéit
- Erwaardungen um Niveau vun der Mobilitéit an de Carrièrepläng
- transnational Aktivitéiten an Identitéit vu Jugendlechen.

Am Aarbechtspackage 5 sinn d'Resultater aus de viregten Aarbechtspackagen zesummegeleucht ginn, fir e komplett Bild vun de Mobilitéitsmusteren vu Jugendlechen ze kréien. D'Aarbecht an dësem Schrëtt huet eng Triangulatioun vun den Analysen iwwer d'Mobilitéitsmusteren, d'Strategië fir d'Erwerbe vu Vermëttlungskompetenzen, d'Facteuren, déi d'Mobilitéit fërderen a behënneren, an déi positiv an negativ Auswierkunge vun der Mobilitéit ëmfaasst. Zousätzlech goufen d'Ënnerscheeder erkläert, andeems d'Resultater an deen aktuellsten organisatoreschen a juristesche Kader gesat goufen. Duerno konnte Recommandatioune fir d'Politik formuléiert an en Ofschlossbericht vum Projet virgeluecht ginn.

De folgenden Abschnitt konzentréiert sech op d'Interpretatioun vun deene Resultater vum Projet, déi besonnesch relevant sinn, fir Recommandatioune am Beräich vun der Politik fir d'Verbesserung vun der Qualitéit vun der Jugendmobilitéit, ze formuléieren. D'Daten an d'Analysen, déi ënnen duergestallt ginn, baséieren op der Schnëttstell vun de Perspektiven aus deene verschiddenen Aarbechtspackagen an der jeeeweileger Methodologie.

Haaptresultater vum Projet

1. D'Dimensioun vun de soziale Bezéiungen

Bei der qualitativer Analys gouf de Peergrupp als Mobilitéits-Inkubator als eent vun den zentrale Mobilitéitsmusteren identifizéiert. Dat weist, dass alldeelech sozial Bezéiungen an Organisatioune d'Mobilitéit vun de Jugendleche fërdere kënnen. D'Relatiounen tëschent Peers representéieren effektiv den Haaptkontext, an deem d'Jugendmobilitéit entsteet, ageleet oder behënnert gëtt. D'Frënn spillen eng bedeitend Roll bei der Mobilitéit vu jonke Leit. Doriwwer eraus weisen d'Resultater vun der Ëmfro, dass d'Roll vun de Frënn bei der Mobilitéit aus Bildungsgrënn e bësse méi staark ass (35,3 %) wéi bei der Mobilitéit aus Aarbechtsgrënn (30%). Ausserdeem gi Peer-Netzwerker als nützlich Informatiounsquelle fir d'Mobilitéit ugesinn. Eng grouss Zuel vu jonke Leit verléisst sech op Informatiounen iwwer d'Mobilitéit vun hire Frënn (35,7 %) an aus de soziale Medien, déi och beléifte Kanäl bei der Sich no Informatiounen sinn (25,7 %).

D'Mobilitéit als solch entsteet net spontan an engem Vakuum, mä huet seng Wuerzelen éischer an de sozialen Netzwerker. Fir déi mobil Jugendlech si Peers, besonnesch Frënn mat Mobilitéitserfahrung; genee esou si Peers och aner Leit (z.B. Leit aus der Famill, Geschwëster, Bekannter), déi schonn Erfahrung mat Mobilitéit gemaach hunn oder grad maachen. Dëst geet och aus de Resultater vun der quantitativer Ëmfro ervir, déi weist, dass, besonnesch bei Leit, deenen hir Mobilitéit se méi wäit ewech gefouert huet, 63,2 % vun de mobile Befroete Frënn hunn, déi bei engem Schüleraustausch matgemaach hunn, 42,4 % Frënn hunn, déi am Ausland studéiert hunn, an 51,4 % uginn, hir Frënn hätten hinne geroden, am Ausland ze studéieren. D'Peers hunn ausserdeem och en Afloss beim Decisiounsprozess: Si si vun zentraler Wichtigkeet net nëmme beim Ausschaffe vu Mobilitéitspläng, mä och bei der Bereetstellung vun enger begleedender Communautéit an dem Schafe vun engem neie Gefill vum Dozougehéieren. D'Peers ginn deemno als eng zentral Ressource beim tatsächleche Mobilitéitsprozess presentéiert an erlaben et jonke Leit, net nëmme d'Mobilitéit an Ugrëff ze huele mä och existent Forme vu sozialer Zougehéiregkeet bäizebehalen an neier ze kréieren a mat anere Peers an en Dialog ze trieden.

2. D'Dimensioun vum Léieren

D'Léierprozesser vu jonke Leit sinn enk mat der Mobilitéit verknäppt. Schon d'Virbereedungsphas selwer gëtt als e Léierprozess ugesinn. D'Mobilitéit gëllt, ënner anere, als eng „immens Chance“ fir Jonker, hir Bildung ze verbesseren. D'Léiere vun enger Sprooch steet hei ganz uewen op der Lëscht. Déi Jonk integréieren d'Sprooch an d'Mobilitéit; si gi mobil mat der Motivatioun, hir Sproochekenntnesser ze verbesseren oder eng nei Sprooch ze léieren. Fir bal d'Hallschent vun de Befroete vun der Ëmfro ass d'Léiere vu Sproochen déi wichtegst Motivatioun fir d'Mobilitéit. Ausserdeem ass bei allen Typpe vu Mobilitéit d'Léieren an d'Verbessere vun den Engleschenntnesser besonnesch wichteg; déi Jonk verbannen Englesch mat zukünftege Studéier- an Aarbechtméiglechkeeten. Mat dësem Zil virun Ae ginn déi Jonk am Kader vu verschiddene Mobilitéiten an engleschsproocheg Länner a léieren Englesch als *lingua franca* an

internationalen, globalisierten Destinationen.

Gläichzäiteg ass d'Sprooch awer och d'Haaptbarrière bei all Typ vu Mobilitéit: Iwwer en Drëttel vun de Participanten un der Mobilitéitsëmfro (32,4 %) hu betount, dass ongenügend Sproochekenntnesser eng Barrière fir hir Mobilitéit wieren, och bei deenen net mobile Jonken ass dat déi wichtegst Barrière (42,7 %).

3. D'Dimensioun vun der perséinlecher Entwécklung

Well déi Jugendlech uginn, vill geléiert ze hunn, gëtt Mobilitéit presentéiert als e Kontext, an deem vill verschidde Forme vu Léieren op ganz ënnerschiddlech Manéiere stattfannen an net nëmmen zum Léiere vu Sprooch mä och zu neie Positionnementer vun der eegener Persoun, Onofhängegkeet an Upassung un Organisatioune féiere kënnen. Op dës Manéier kombinéieren déi Jonk hir Mobilitéit mat hirem Wonsch, onofhängeg ze ginn an „an d'Welt erauszegoen“. Dës Ambitioune kënnen als spezifesch Set vu jugendleche Praktike bezeechent ginn. D'Mobilitéit gëtt ugesinn als e Prozess fir onofhängeg ze ginn, als eng Chance, fir ze léieren, selwer eens ze ginn a säin eegene Wee ausserhalb vum familiäre Kader ze fannen. Dës gëtt typescherweis och an de Kontext vun hirem Léierprozess als jonk Leit gestallt. De Léiereffekt ass besonnesch offensichtlech par rapport zu deene Jonke selwer an deem wat si erreicht a realiséiert hunn. D'Date weisen, dass d'Praktike vun deene meeschte jonke Leit als relevant fir hir Altersgrupp ageschat ginn. D'qualitativ Analyse weise Beispiller vun individuelle Bewältegungsstrategien an d'Ausenaneretze mat bürokrateschen Erausforderungen, déi typesch fir Jugendlecher sinn. D'Mobilitéit erlaabt de Jugendlechen och, nei Aspekter vun hirer Perséinlechkeet ze entdecken, a gëtt hinnen e staarken Impuls fir hir berufflech a perséinlech Entwécklung. Déi qualitativ Date bestätegen, dass d'Mobilitéit als e Prozess verstane gëtt, deen dobäi hëlleft, nei Perspektiven ze entdecken a Forme vu sozialer Zougehéiregkeet, Positionnement a Sich no Onofhängegkeet ze schafen, déi alleguer ausserhalb vun dem Vertraute leien. Déi Jugendlech hiewen och d'Chancen ervir, déi d'Mobilitéit hinne bitt, fir sech a soziale Bezéiungen an deem neien Ëmfeld nei ze positionéieren. Global gëtt d'Mobilitéit presentéiert als e Kontext, an deem d'Léieren net nëmme méiglech mä wierklech noutweneg ass. Déi Jonk maachen dat, wat d'Gesellschaft implizit vun hinnen erwartet: Si léieren eppes. Dës Léierprozess an d'Méiglechkeet „eppes anescht ze maachen“ (wéi z.B. a formellen, institutionaliséierte Kontexter wéi Schoulen oder Universitëiten ze léieren) ginn als Legitimation fir d'Mobilitéit ugesinn. Mobilitéit eleng geet net duer fir als Jugendmobilitéit bezeechent ze ginn a muss duerch zousätzlech Aktivitéiten a Prozesser – Léierprozesser - beräichert gi fir als Jugendmobilitéit bezeechent ze ginn.

An deem Sënn ass d'Léieren duerch d'Mobilitéit bei allen Typpe vu Mobilitéit, och bei der Mobilitéit, déi mat der Aarbecht verbonden ass (z.B. berufflech Mobilitéit, Entrepreneurship-Mobilitéit) d'selwecht wichteg. Am leschte Fall erméiglecht d'Mobilitéit entweder, d'Aarbechtsbedéngungen ze verbessern (31,2 %) oder d'Chancë fir seng perséinlech a berufflech Entwécklung ze verbessern (28,7 %).

4. D'Dimensioun Memberschaft bei Organisatioune

D'Virbereedung an d'Organisatioun vun der Mobilitéit ginn als Erausforderung fir jonk Leit ugesinn. D'Hypothesen ass, dass Leit éischer mobil sinn, wa si Member vun enger bestëmmter Organisatioun sinn. Fir mobil ze ginn, mussen Jugendlecher e Member An Bezug op der Organisatioun sinn – net onbedéngt am wuertwärtleche Sënn, mä an deem Sënn, dass si eng bestëmmte Memberroll zougewise kréien, méi oder manner formell akzeptéiert ginn, a sech beweise mussen. Den elementaarsten Niveau vu Memberschaft gëtt erreicht, wann een d'Memberschaft an där Kategorie kritt, ob déi sech de Mobilitéitsprogramm bezitt: am Fall vun der Schülermobilitéit wier d'Roll vum Jugendlechen déi, als Schoulkand méi mobil ze sinn; am Fall vun der berufflecher Mobilitéit besteet d'Roll doran, e mobile Berufstätegen ze sinn, asw. Déi Jonk sinn deemno ëmmer als e Member vun enger Organisatioun an net als Eenzelpersoun mobil. Soubal déi Jugendlech an d'Organisatioun erapassen, wa si eng gewësse Memberschaft/Roll an der Organisatioun erreicht hunn, déi si dozou berechtigt, da kënnen si mobil ginn.

Oft ass et duerch d'Mobilitéit, dass déi Jonk léiere mussen, eleng eens ze ginn. Souguer bei der

Virbereedung vun der Mobilitéit ass een op seng eege Ressourcen ugewisen. De Resultater vun der Ëmfro no verloosse sech déi Jugendlech léiwer op hir eegen, méi informell Informatiounsquellen a perséinlech Quelle wéi Sichmaschinnen am Internet (48,5 %), Frënn (35,7 %) a Recommandatioune vun Enseignanten (32,1 %), amplaz op d'Ënnerstëtzung vun Organisatiounen. Online Communautéiten/sozial Netzwierker an d'Internetsitte vun Universitéite sinn och beléift, fir Informatiounen iwwer d'Mobilitéit ze kréien (iwwer 25 %). Op wéi eng Informatiounsquellen ee sech verléisst a wéi eng Organisatioun een am Zesammenhang mat der Mobilitéit kontaktéiert, hänkt vun deene verschiddenen Typpe vu Mobilitéit of. Während Jugendlecher am Kader vun der Bildungsmobilitéit dozou tendéieren, sech méi op informell Quellen ze verlossen, z.B. d'Rotschléi vun Enseignanten, Sichmaschinnen, a manner op formell Kanäl zeréckgräifen, setze Leit an der beruflecher Mobilitéit guer net op formell Kanäl: ganz wéineg (manner wéi 1 %) erwänen EURES, duerno spezialiséiert Portaler, Aarbechtsagencen an d'Internetsitte vu Regierungen.

5. D'Dimensioun vun der sozio-ekonomescher a Chancëstruktur

D'Bedeutung vun de Relatioune mat Peers a mat der Famill weist och, wéi staark d'Jugendmobilitéit vu perséinleche Communautéiten ofhänkt, a wéi dës Communautéiten deemno als eng Form vu sozialer Ofsécherung a sozialem, kulturellem an ekonomeschem Kapital an d'Jugendmobilitéit integréiert sinn. Dës Mustere ginn als perséinlech Kontexter, déi Mobilitéit erméiglechen, virausgesat. D'Elteren hunn e groussen Afloss op den Entscheidungsprozess vu jonke Leit, méi wéi en Drëttel vun hinnen (38,2 %) hunn uginn, hir Meenung an Hëllef ze berücksichtegen. D'Resultater weisen, dass d'Ënnerstëtzung vun der Famill (46,1 %), nieft private Mëttel an Erspuernesser (32,0 %) d'Haaptfinanzéierungsquell fir d'Mobilitéit ass. D'Mobilitéit- an Immobilitéitsmuster ginn duerch individuell sozio-ekonomesch Facteure bestëmmt: De Bildungsniveau vun de Jugendlechen an de Bildungsniveau vun den Elteren (stellverriedend fir de sozio-ekonomesche Status) hunn e positiven Impakt op d'Mobilitéit. Och de familiären Hannergrond (Elteren a Grousselteren) am Zesammenhang mat der Mobilitéit (d.h. ob si am Laf vun hirem Liewen am Ausland gelieft hunn) huet e positiven Impakt, genee wéi den Alter vum Befroten.

Sozio-ekonomesch Ongläichheet behënnert de Jugendlechen hire Mobilitéitsprozess a gëtt als eng vun den Haaptbarrièrë fir d'Mobilitéit ugesinn. Net all jonk Leit hunn déi selwecht gutt finanziell Viraussetzung fir mobil ze ginn, si stamen net onbedéngt aus vergläichbare soziale Klassen a mir hu virun allem och signifikant Lännerënnerscheeder an deene meeschten Analyse festgestallt, wat op en neit Nord-Süd-Gefälle an Europa (Landesmann a Leitner, 2015) hindeite kéint. De Mangel u finanzielle Ressourcen (21,8 %) ass dofir eng staark Barrière, déi d'Leit drun hënnert, mobil ze ginn. De Mangel u Finanzéierungsméiglechkeete fir d'Mobilitéit ass esouguer nach méi héich bei den net mobile Jonken (35,6 %) a misst zesumme mat ongenügende Sproochekenntnesser als zentral Hürd fir d'Mobilitéit ugesi ginn.

6. D'Dimensioun vun der dualer Existenz

An de qualitative Resultater gesi mir, dass Jugendlecher hir Mobilitéit an d'Verloosse vun hirem Doheem mam Wonsch no „ausbriechen“ associéieren. D'Iddi vum Ausbriechen ass enk mat der Jugend verbonnen. Am classesche Sënn bezitt sech d'Ausbriechen op enk familiär Kontexter an ähnlech enk schoulesch Kontexter. Bei der Mobilitéit huet d'Ausbriechen dogéint eng duebel Konnotatioun. Engersäits ass d'Phas vun der Jugend dovu gepräägt, dass déi Jugendlech sech trennen, befreien an déi uewe genannte Kontexter verlossen. Et geet drëms, sech lasszeléisen a Raum fir sech selwer ze schafen, säin eegene Wee ze fannen – en anere Wee wéi deen, deen aner Leit gaange sinn. Dësen eegene Wee ass meeschtens net festgeluecht. Et ass dat allgemengt Zil vun der Jugend: All jonke Mënsch soll seng eege Plaz fannen, fir sech eegestänneg ze entwéckelen. Op där anerer Säit ass d'Mobilitéit an där Hisiicht eng geografesch Form vu Flucht. Mobil si gëtt verglach mat eppes hannert sech loossen, anzwousch anescht goen, en Zil errechen. An awer ass et méi e Prozess vun „Erauplënnen“ wéi vun aus hirem Raum „Erauplënnen“: Wa si mobil ginn, erliewen déi Jonk Situatiounen, déi si mat bürokratesche Strukturen a Prozeduren, mat neie Praktiken am Alldag, mat Normen a Praktike vun der Aarbechtsgesellschaft asw. konfrontéieren. D'Jugendmobilitéit kann net als e Mëttel verstane ginn,

fir auszebriechen, mä sollt éischer als eng Initiatioun, eng Aféierung an déi gesellschaftlech Kontexter vun engem bestëmmte Land (z.B. Bildung, Aarbecht a Famill) ugesi ginn. Den Dilemma vum „Ausbriechen“ oder „Eraplënneren, Erausplënneren“, gëtt an engem vun de Mobilitéitsmusteren, déi aus de qualitativen Daten ofgeleet goufen, erkläert a beinhalt d'Schwieregkeet, d'Distanz adequat ze geréieren. D'Duerch d'Benotze vun de soziale Medien an der Telekommunikatioun beweege sech déi Jugendlech permanent op anere Plazen, si kënnen awer keng vun deene Plaze richteg verloossen. De Wonsch fir sech vun deem Bekannten ze léisen an dat Onbekannt selbststänneg ze entdecken, kann deemno opgrond vu kontextuelle Restriktiounen an Hindernisser nëmmen zum Deel erfëllt ginn.

Doriwwer eraus gëtt d'Dualitéit vum „Eraplënneren“ oder „Erausplënneren“ duerch transnational sozial Praktiken, an déi déi Jugendlech am Zilland agebonne sinn, verstärkt. Souwuel déi qualitativ wéi déi quantitativ Date bestätegen d'Tatsaach, dass déi Jonk och no der Mobilitéit méi mat Bekannter aus hirem Heemechtsland wéi mat Bekannter aus dem Openthaltsland a Kontakt sinn. De Resultater aus der Ëmfro no huet manner wéi d'Hallschent all Woch Kontakt mat Frënn aus dem Zilland. Weider Analysen iwwer sozialen Transnationalismus am Zilland liwweren Erklärungen zu de qualitativen Erkenntnesser: De ganze Mobilitéitsgrupp – z.B. am Kader vun der Studentemobilitéit – schéngt eng Welt fir sech ze sinn. Et entsteet eng Bloss, zu där déi Jonk gehéieren oder och net. Déi Jonk stelle fest, dass esou Blossen net nëmmen an hirem Privatliwwen entstinn an existéieren, mä och op der Aarbecht, wou In- an Ausländer a separate Kreesser interagéieren. Am Endeffekt heescht dat awer net, dass d'Mobilitéit vu Jugendlechen an Europa integral am Kontext vu Relatiounen mat Peers stattfënnt an dass déi Jonk dës Bloss vun hire Peers an d'Institutioun ni verloossen. D'Bloss spillt eng zentral Roll, ass awer och ganz permeabel. Wa jonk Leit mobil sinn, da ginn och hir Bezéiunge méi transnational.

Dës Transnationalisatioun kann zwar geplangt ginn, si ass awer och Deel vun engem Prozess. De Prozess vun der Mobilitéit besteet net nëmmen aus engem Schrëtt – an d'Ausland goen an zeréckkommen. Et gëtt villméi eng Rei vun Evenementer, déi matenee verbonne sinn (z.B. eng Persoun vun hei féiert zu enger anerer Persoun dohannen), wéi een dat och am Kader vun de Relatiounen feststelle kann.

7. Iwwerschneidunge vu Mobilitéitstypen

Déi éischt Mobilitéit ass eng besonnesch Erausforderung an hannerléisst e bleiwenden Androck, deen d'Zukunft vun de Kandidaten prägt. Gläichzäiteg sinn déi Jonk, déi eemol mobil waren, ganz oppe fir nei Mobilitéitserfahrungen. Och hir Zukunftserwaardungen verännere sech: Fir méi wéi d'Hallschent vun de jonke Leit, déi aktuell mobil sinn (54,5 %), ass d'Mobilitéit och an hirer Zukunft eng Optioun, das selwecht gëllt fir Jonker, déi an der Vergaangenheet eng Mobilitéitserfahrung gemaach hunn (40 %).

Mobilitéitsformen, déi aneneen iwwerginn, ginn och vu finanziellen, organisatoreschen a logistesche Factoren beaflosst: D'qualitativ Analys weist, dass Mobilitéiten matenee kombinéiert ginn. A verschidde Fäll zéie jonk Leit vun enger Plaz op déi aner a soubal si mat engem Typ vu Mobilitéit fäerdeg sinn, fänke si deen nächsten un, a verbannen oft bis zu fënnf Mobilitéiten op enger Destinatioun. An de Beispiller vu Mobilitéiten, déi sech iwwerschneiden, si Strategien ze erkennen, mat deene jonk Leit trotz de bürokrateschen, juristeschen a finanziellen Aschränkungen vu verschidde Mobilitéitstypen am Kader vun EU-Mobilitéitsprogrammen mobil bleiwen (e Beispill vun enger Verkettung vu Mobilitéiten: eng Persoun ass an e Land geplënnert, fir e Master-Studium ze maachen; si huet da parallel zum Studium e Stage gemaach an e Volontariat ugefaangen, wat se zum Entrepreneurship gefouert huet). An anere Fäll widderhuele Jugendlecher dee selwechten Typ vu Mobilitéit e puer Mol, wat zum Beispill beim Fräiwellegendéngscht ganz üblech ass.

Verbesserung vun der Qualitéit vun der Jugendmobilitéit an Europa

Déi folgend Recommandatioune goufe speziell fir de Policy Brief II formuléiert a konzentréiere sech op d'Verbesserung vun der Qualitéit vu sechs Typpe vu Mobilitéit.

1. Recommandatioune fir d'Héichschoulmobilitéit

D'Mobilitéit vu Studente bannent Europa huet gréisstendeels kuerzfristege Charakter, d.h. d'Studente verbréngen nëmmen een oder zwee Semester un enger Héichschoul am Ausland, an dofir ass eng gutt ausgebaute Struktur fir si ze ënnerstëtze ganz wichteg. Sou muss zum Beispill souwuel bei de Sender- wéi och bei den Empfängerinstitutione genuch kompetent Personal zur Verfügung stoen, dat an engem raisonnablen Zäitraum déi néideg Informatiounen vermëttele kann. Etabléiert an transparenter Prozedur maachen d'Ëmsetzung vun der Mobilitéit méi einfach, souwuel fir d'Studente wéi och fir d'Institutionen.

- **Den Interêt fir d'Héichschoulmobilitéit kéint scho während der Schülermobilitéit stimuléiert ginn.** Mobilitéit schafft Mobilitéit – d'Bewosstsi fir aner Mobilitéitsméiglechkeeten (z.B. Mobilitéit am Kader vun der Héichschoulbildung) sollt vu Klengem u gefërdert ginn. Dofir sollten d'Méiglechkeete fir sech **Kenntnesser an enger oder méi Sproochen** unzëeegnen oder dës ze verbesseren op enger breeder Basis a gratis ugebuede ginn, d.h. och esou wäit wéi méiglech an d'Schoulbildung an an d'Héichschoulbildung integréiert ginn. D'Qualitéit vum Sproochesproochecoursen misst verbessert ginn. Bestehende **Multilinguismus** bei de Jugendleche sollt als eng Ressource an der Gesellschaft ugesinn, an als solch politesch unerkannt an ëffentlech ënnerstëtzt ginn. D'Léiere vu Friemsproocher sollt esou fréi wéi méiglech an de Schoule gefërdert ginn.
- Beim Selektiounsprozess sollten Ongläichheete berücksichtegt ginn. Et misst **Programmer fir benodeelegt Studente** ginn, déi fir si definéiert an op hir Besoinen **zougeschnidde** sinn. Dës Programmer missten och ergänzt ginn duerch Programmer fir virtuell Mobilitéit an aner Méttel fir de Studenten eng onkomplizéiert Mobilitéit ze erméiglechen. Benodeelegt Jugendlecher denken oft emol guer net drun, un engem Programm deelzehuelen (well dat mat finanzieller Käschter verbonden ass), an deemno missten déi entsprecheend Institutionen als éischt handelen an net op d'Initiativ vun de Studente waarden.
- **Finanzéierungsschwierigkeeten:** De Mangel u finanzieller Méttel ass eng grouss Hürd fir d'Mobilitéit, speziell an de Peripherie-Länner. D'Bourse **ginn net duer, fir d'Käschter ze decken**, dofir misste Subventiounen fir benodeelegt Studenten agefouert ginn, fir dass d'Mobilitéit bestehend Ongläichheete reduzéiert amplaz se verankeren. Déi wirtschaftlech Struktur vum Erasmus+-Programm sollt e bësse méi flexibel ginn, fir bezuelten Aarbecht während der Mobilitéit zouzelees. Donieft kéinten och aner Typpe vu Mobilitéit verstärkt ginn (méi kuerzfristeg Mobilitéit fir déijéineg, déi net déi néideg Moyenen hu fir méi laang Openthalter ze finanzéieren).
- **Informatiounsquellen: an den Héichschoulen, déi Studente schécken oder ophuelen, missten d'Strukture fir d'Koordinatioun an d'Ënnerstëtzung verbessert ginn.** Oft si verschidden Departementer net a Kontakt mat den internationalen Aariichtungen, wat zu Schwierigkeeten bei der Accreditatioun vun de Fächer a verschiddene Länner féiert. Ausserdeem hunn international Studente net ëmmer Zougang zu alle Coursen an de Gaascht-Héichschoulen (oder de Bewerbungsprozess ass net fir all Parteien, déi an de Sender- oder Gaascht-Héichschoulen implizéiert sinn, kloer);

- **Peer-to-Peer-Wëssenstransfert** ass eng ganz efficace Manéier, fir Informatiounen ze verbreedden, si ass awer net esou geleeft, well kee konkrete System existéiert. Wann d'Studente vun hirer Mobilitéit zeréckkommen, misst e System hinnen erlaben, hiert Wësse weiderzeginn, idealerweis eng Mëschung aus Peer-to-Peer-Austausch a Koordinatioun um Niveau vun den Héichschoulen;
- **Reduktioun vun iwerméissegem Ufuerderunge vun den Institutiounen.** De Prozess fir sech an e Studentenaustauschprogramm anzuschreibe misst vereinfacht ginn: momentan ass dee Prozess nach ëmmer bürokratesch, en ëmfaasst vill Paperassen tëschent den Institutiounen an et feelt u Koordinatioun tëschent de betroffenen Institutiounen. D'Programmer, wéi Austauschprogrammer ouni oder mat wéineg Paperassen, missten hir Prioritéit op d'Veinfachung vun de Reegelen fir d'Bewerbung leeën.

2. **Recommandatiounen fir d'Volontariatsmobilitéit**

D'Volontariat huet eng wichteg sozial Bedeitung, well et Sozialkapital schafft an d'Valeur vun enger aktiver Biergerbedeelegung a der sozialer Verantwortung férdert, a gläichzäiteg och déi perséinlech a beruflech Entwécklung stimuléiert. Et ginn awer divers Hindernisser, deenen déi Jugendlech virun, während an no hirer Mobilitéit als Fräiwëlleger begéinen.

- Finanziell Problemer sinn déi gréissten Hürden fir d'Mobilitéit vu Jugendlechen. Fir dese Problem ofzeschwächen, si **verbessert Systemer fir d'finanziell Ënnerstëtzung** néideg: souwuel méi eng breet finanziell Ënnerstëtzung wéi och e verbesserte System fir d'Ënnerstëtzung vu Jugendlechen mat manner finanzielle Ressourcë gi gebraucht.
- Dem Mangel un Informatiounen vun deenen, déi net zu der Haaptzilgrupp fir Jugendmobilitéitprogrammer gehéieren, an der allgemenger Fehlinformatioun ka folgendermoossen entgéintgewierkt ginn: Fir déi Jonk gläichberechtigt iwwer hir Méiglechkeeten ze informéieren, sollen „nei“ **digital Web 2.0**-Medie wéi Twitter, Facebook, Instagram, asw. méi breet agesat ginn. Froen ginn interaktiv beäntwert (Filterblösesphären, extrem Filteren a Verstärkungseffekt), dofir ass et néideg, **interaktiv Informatiounssphären** opzemaachen, déi oppen, upassungsfäeg a jugendfrëndlech sinn.
- En Impakt huet d'Volontariat souwuel um sozialen Niveau, well déi Jugendlech eng gutt Aarbechtsrelatioun mat internationale Peers entwéckelen, wéi och um perséinlechen Niveau, well si sech selwer besser kenneléieren. Eng Mobilitéitserfahrung dréit dozou bäi, iwwer sech selwer nozedenken an d'Manéier, wéi ee seng Ëmwelt erlieft, ze iwwerdenken: dozou gehéieren och d'Bezéiungen mat Peers, **d'Entwécklung vun neie Peer-Bezéiungen**, déi ëmmer méi wichteg gëtt an als Inspiratioun fir weider Mobilitéitserfahrungen déngt. Hei gëtt recommandéiert, de Jugendlechen eng **Méiglechkeet fir den Erfahrungsaustausch** ze bidden, andeems **Raim geschaf ginn**, an deene si iwwer hir Erfarunge reflektéiere kënnen an **Peer-to-Peer Rotschléi** ginn: Wann Organisatiounen et fäerdeg bréngen, Ënnerstëtzung op engem ganz „perséinlechen“ Niveau ze bidden (besonnesch am bürokrateschen Beräich, wann z.B. een e Formulaire net versteet), wann et speziell Strukture fir d'Hëllef duerch Mentoren oder fréier Fräiwëlleger, asw. gëtt, kënnen Peers tëschent Organisatiounen a Jugendlechen vermëttelen.
- Fir selwer aus der **Jugendmobilitéit**, déi si erméiglechen, **ze léieren**, mussen Organisatiounen Folgendes ariichten:
 - **flexibel Kontexter fir d'Mobilitéit ze Erméiglechen:** An den Organisatiounen gi partizipativ Elementer gebraucht („Duerchsickeren“), fir dass d'Erfahrung a Wësse vun de Jugendlechen iwwer d'Besoinen, strukturell Hindernisser, Prozeduren an organisatoresch Méiglechkeeten an Erausforderungen d'Wësse vun den Institutiounen beräichere kënnen. Dës „Duerchsicker“-Prozedure kënnen partizipativ organiséiert ginn an nei Raim opmaachen, an deene Peers zesumme mat anere gläichzäiteg hir Erfarunge verschaffe kënnen.

- Allgemeng ass op allen Niveauen **Transparenz** gefrot: De Bewerbungsprozess an d'Selektiounscritèrë misste fir all Mënsch transparent gemaach ginn. D'Gaaschtorganisatiounen missten hir Erwaardungen kloer duerstellen, fir dass déi jonk Mobil wëssen, wat an hirem Volontariat op si duerkënn. A schliisslech misst d'Organisatioun, déi de Jugendleche schéckt, am Viraus däitlech ausdrécken, a wéi enger Form si déi Jonk während hirer Mobilitéit ënnerstëtzen, respektiv net ënnerstëtze kann.

3. **Recommandatiounen fir d'berufflech Mobilitéit**

D'berufflech Mobilitéit stellt en Iwwergang vun der Jugend zum Erwuessesinn, vun der Schoul an d'Beruffsliewen, vun der Aarbechtslosegkeet an d'Beschäftegung duer. Dësen Iwwergang ass awer net ëmmer direkt. Wa Jugendlecher bis eemol mobil waren, sinn hir Virstellungen, wat d'Zeréckkommen ugeet, méi vague. D'berufflech Mobilitéit ass **net esou strukturéiert wéi aner Typen vu Mobilitéit**. Den Zougang zum Aarbechtsmaart am Zilland ass heiansdo fir déi Jugendleche problematesch.

- Och wann **Informationen** fir déi Jonk zur Verfügung stinn, ass et schwéier, déi verschidde Quellen ze filteren. Dofir ass et ganz wichteg, dofir ze suergen, dass d'Jugendzentren an d'Programmer Informatiounen iwwer Mobilitéitsméiglechkeeten fir Jugendlecher, an och iwwer **Beschäftigungsméiglechkeeten**, hëllefen ze verbreedden.
- Formell Informatiounen si verfügbar, et muss ee se just fannen. Déi Jugendleche verlosse sech awer gréisstendeels op informell Kanäl, wa si en Job am Ausland sichen. **Informell Informatiounsquellen**, wéi eng Kontaktperson, eng vertraute Persoun, Peer-to-Peer-Kommunikatioun an aktiv Jugendorganisatiounen missten an d'Verbreedung vun Informatiounen iwwer d'berufflech Mobilitéit vu Jugendlechen mat agebonne ginn.
- D'berufflech Mobilitéit ass eng onstrukturéiert Form vu Mobilitéit. Fir d'Jugendmobilitéit ze fërderen a Jonke bei der Organisatioun ze hëllefen, kéinte **gewënnorientéiert Organisatiounen a privat Entrepreneuren** als Bréck tëschen de Jugendlechen an der Beschäftegung an den Zillänner fungéieren.
- Et misst a **Jugendbetreier an a Jugendorganisatiounen investéiert ginn**, déi jonk Leit virun enger Mobilitéitserfahrung guidéieren kënnen oder déi als éischt d'Iddi vun „mobil ginn“ am jonken Alter entstoe loosse kënnen.
- Vill jonk Leit bleiwen am niddrege Segment vum Aarbechtsmaart an den Zillänner hänken a kréien net dobäi gehollef, d'Carrièresleeder eropzeklappen. Verschiddener kennen hir Rechter a Méiglechkeeten am Zilland net. Si brauchen eng **Job-Berodung fir jonk Berufstätiger**, d.h. Zentren an den Zillänner.
- Your First EURES Job ass en neie Beschäftigungsprogramm, deen awer, wéi vill aner Mobilitéitsprogrammer, Schwierigkeeten huet, déi Jonk ze erreechen. EURES muss deemno seng Efforten op d'**Qualitéit**, an net just op d'Quantitéit bei der Verbreedung vum Programm konzentréieren. **Placement amplaz vu Recrutement**;
- **D'Fuerschungsergebnisser** iwwer d'Beschäftegung vu Jugendleche sollt **vun de Praktiker genotzt ginn**. D'Fuerschungsaarbecht sollt mat all deene gedeelt ginn, déi am Jugendberäich schaffen (d'Europäesch Kommissioun, national Organisatiounen, lokal Autoritéiten, national ëffentlech Servicer, Beschäftigungsorganisatiounen, Firmaen, Universitëten, asw.), fir dass si hir Aarbecht am Kader vun der Jugendmobilitéit duerch evidenzbaséiert Fuerschung weiderentwéckele kënnen.

4. **Recommandatiounen fir d'Mobilitéit an der Berufsausbildung**

D'Mobilitéit an der Berufsausbildung gouf an Däitschland an a Spuenien ënnersicht, wat eis

erlaubt, e puer ënnerschiddlech Recommandatiounen ze formuléieren, well d'Ausbildungssystemer an den institutionelle Kader zwar déi selwecht Ziler verfolgegen, an hiren Entwécklungen a Resultater awer vuneneen ofwäichen. Déi däitsch Mobilitéit an der Berufsausbildung stécht am Verglach mat anere Mobilitéitsfelder, awer och am Verglach mat aneren europäesche Mobilitéitspraktiken an der Berufsausbildung ervir. Dëst ass gréisstendeels op déi staark institutionaliséiert a standardiséiert Ëmsetzung vum Erasmus+-Programm zeréckzeféieren. An Däitschland ënnerläit d'Mobilitéit an der Berufsausbildung gréisstendeels de strikte Virschrëfte vun der dualer oder schoulbaséierter Berufsausbildung. A Spuenien dauert d'Mobilitéitsphas an der Berufsausbildung an der Regel ronn dräi Méint. D'Majoritéit vun de Studenten, déi deelhuelen, kritt hire Subside eréischt no hirem Retour.

- Vill jonk Leit si sech net bewosst, dass d'Berufsausbildung e Mobilitéitsfeld ass. Dofir mussen méi **Opklärungscampagnë** fir Jugendlecher an Entrepreneuren entwéckelt ginn, fir dësen Typ vu Mobilitéit, d'Aarbecht an d'Virdeeler fir déi Jonk a fir d'Entrepreneuren méi bekannt ze maachen.
- Fir déi wéineg Berufserfahrung während der Ausbildung an d'individuell Mobilitéit ze verbesseren, wier **eng Datebank mat europäeschen Entrepreneuren** an Employeuren, déi bereet sinn, mobil Studenten opzehuelen, nom Modell vun anere Mobilitéitstypen (EVS), hëllefbräich.
- Et misst **méi Flexibilitéit bei der Finanzéierung** vun der Mobilitéit an der beruflecher Aus- a Weiterbildung ginn. Dëst kéint zum Beispill doduerch erreecht ginn, dass **déi national Agencë méi Autonomie** bei der Gestiou vun hire Fonge kréien.
- **d'Acquisitioun vun der Sprooch** misst an den Ausbildungspläng **verbessert** ginn. Dat selwecht géllt fir den Zougang zum Online-Sproochesupport fir all Erasmus-Participanten.
- **D'Ressourcen humaines an den Ausbildungsrichtungen misst verstärkt ginn**, duerch d'Schafe vun der Position vun engem „Mobilitéitsberoder“ op verschidde Niveaue vun de Reseauen, déi d'Mobilitéit vu Studenten an Enseignanten erméiglechen.
- **D'Mobilitéit vun Enseignantë sollt erhéicht ginn**. D'Virdeeler vum Entsenden an Ophuele vun Enseignantë suerge fir d'Entwécklung vun engem Netzwierk, dat d'Mobilitéit vun zukünftege Studenten ënnerstëtzt an d'Mobilitéit bei den Apprentië méi bekannt mécht.
- **D'Finanzéierungsstruktur misst verbessert ginn**, fir sécherzestellen, dass d'Suen virum Student sengem Depart ukommen an esou ekonomesch Barrièren ze reduzéieren. **Den Iwwerwachungssystem misst verbessert ginn**, fir d'Qualitéit vun der Ausbildung (Equiliber tëschent Studien an Aarbecht) an d'Aarbechtsbedéngungen ze verbesseren.
- Well jonk Leit an enger dualer Ausbildung vun Ufank un an Entrepreneuren „schaffen“, misst et méiglech sinn, **Austauschprogrammer am Kader vun der Berufsausbildung a multinationalen Entrepreneuren** iwwer e speziellen „Internationaliséierungs- a Mentoring-Programm“ mat engem reduzéierte bürokrateschen Opwand ze promovéieren.

5. Recommandatioune fir d'Schülermobilitéit

Fir déi meescht jonk Leit ass de Schüleraustausch déi éischt Mobilitéitserfahrung; si kéint d'Schüler fir aner Formen vu Mobilitéit, wéi Héichschoulmobilitéit, Mobilitéit an der Berufsausbildung, Volontariatsmobilitéit, asw. motivéieren an inspiréieren. Dofir bezéie sech déi folgend Aspekter net nëmmen op de Schüleraustausch, well deen d'Grundlag vu spéidere Mobilitéitstypen ass.

- Bis haut sinn d'Informatiounen iwwer d'Mobilitéit am Kader vum Schüleraustausch an den EU-Länner nach net harmoniséiert ginn. **D'EU-Akteure sollten eng sektor-iwwergräifend a systematesch Datebank erstellen**. Esou eng Datebank géif och

d'Erfahrungen an d'Praktiken am Beräich vun der Schülermobilitéit uniformiséieren a verhenneren, dass déi selwecht Aarbecht vu verschiddenen Acteuren zweemol gemaach gëtt.

- **Fuerschungsprojeten** iwver dat selwecht Thema an der EU sollte **verbonnen** an an **Zesummenaarbecht** duerchgefouert ginn. Dëst kéint vun den EU-Organisatione koordinéiert ginn, EU-iwwergräifend Initiative wéi beispillsweis d'Europäesch Plattform fir d'Förderung vun der Mobilitéit zu Léierzwecker, kéinten Evenementer fir Fuerscher a Praktiker organiséieren, fir d'Wëssen am Beräich vun der Schülermobilitéit ze erweideren.
- Och am Beräich vun der Finanzéierung misst d'**Verbindung/Zesummenaarbecht** verbessert ginn, fir d'Mobilitéit am Kader vum Schüleraustausch ze förderen; et misst géigesäiteg Programmer/Fördermëttel an individuell/gemeinschaftlech Interaktiounen ginn.
- Fir d'Schülermobilitéit ze verbessern, kënne mir aus **Praktiken, déi schon** an der net-formeller Bildung **entwéckelt goufen**, léieren an dës **net-formell Léierpraktiken**, déi ausserhalb vun etabléierte formelle Systemer organiséiert ginn, benotzen. E puer Beispiller:
 - **Weiderbildung/Mobilitéit vun Enseignanten**, interkulturell Léiererfahrungen a -kompetenzen (fir mat multikulturelle Klassen ze schaffen a multikulturell Fräizäitaktivitéiten vun Austauschschüler ze organiséieren, ass et wichteg, Enseignanten mat interkultureller oder Mobilitéitserfahrung a -kompetenzen ze hunn)
 - **Afloss vun der Communautéit** (sech bewusst sinn, wéi eng Virdeeler an Erausforderungen domat verbonne sinn, wa Communautéiten Austauschschüler ophuelen: déi mobil Jonk interagéiere mat hire Peers, Enseignanten a Gaaschtfamilien a kënnen interkulturellt Versteesdemech a Sensibilitäten am Alldag, och bei deenen, déi selwer net mobil sinn, förderen. Op där anerer Säit kënnen déi Jonk awer während hirem Openhalt och mat Feindlechkeet, negative Stereotypen a feelendem Engagement konfrontéiert ginn. Fir dës negativ Folgen ze verhenneren, musse Communautéite gëeegent Strategien a Kompetenzen entwéckelen, fir um internationale Schüleraustausch deelzehuelen)
 - **Instrumenter/Ressourcen** (am Kader vum net-formelle Léiere ginn online verfügbar Ressourcë bereetgestallt, déi fir all Mobilitéitstypen, och fir de Schüleraustausch, kéinte benotzt ginn)
 - **Individuell Léieren/Léieren am Grupp** (Organisation vu Workshopen, Seminaren oder kuerze Coursen iwver verschiddenen Theme fir interkulturellt Léieren ze förderen)
 - **Förderung a Vereinfachung vun net-formelle Méiglechkeeten** fir interkulturell Austauschverfahren
 - Reduktioun vun de Virdeeler vu Gruppkontakter/**Förderung vun de Virdeeler vun individuellen Interaktiounen an 2er-Gruppen**
- **Fir de Schüleraustausch ze vereinfachen, missten d'Institutionen a Programmer flexibel Formater bereetstellen, fir méi inklusiv ze sinn.** Dofir sollten de Studente verschidde Choixen ugebuede ginn, déi de Besoine vun deene Jonken entsprechen, déi sech vum Gruppkontakt fortbewegen an individuell Kontakter (**Interaktiounen an 2er-Gruppen**) förderen.
- Et ass wichteg, d'**interkulturell Kompetenz** vu jonke Leit ze erweideren. Den Interessi un der Schülermobilitéit sollt vun den Enseignanten an de Familien ënnerstëtzt ginn, déi eng **Wëllkomm-Kultur mat deenen entsprechende Strategien aféiere kéinten** (z.B. als Gaaschtfamilien).
- **Am nationale Schoulcurriculum misst d'Unerkennung vun der Studienzäit am Ausland verankert ginn**, fir dass d'Schüler kee Joer doubléiere mussen. Dozou gehéiert d'Koordinatioun vun der Diplom-/Leeschungs-Unerkennung an d'Internationalisatioun vum Accreditatiounsprozess. Och dëst misst vun der EU ënnerstëtzt a koordinéiert ginn.

- **Mentor-Mentee Relatiounen / Peer-Netzwerker** ariichten.

6. **Recommandatioune fir d'Entrepreneurship Mobilitéit**

D'Entrepreneurship Mobilitéit ass e Bestëmmte Prozess: Déi jonk Leit ënnersträichen, dass een „Entrepreneurship liewe muss“. Entrepreneurship-Mobilitéit ass fragil a ganz sensibel fir sozio-ekonomesch Changementer souwuel an de Sender- wéi an den Empfängerländer. Fir den Interêt un der unternehmerescher Mobilitéit ze ënnerstëtzen, gëtt deemno eng erweidert Offer u Formatiounen iwwer d'Kreatioun vun Entreprisë recommandéiert.

- Déi national Stakeholdere misste **Formatiounen a Méiglechkeete fir den Austausch iwwer d'Grënnung vun enger Entreprise am Ausland** ubidden
- Fir d'Mobilitéit vu jonken Entrepreneurien ze ënnerstëtzen, ass et wichteg, **d'Finanzéierungsméiglechkeeten** ze erweidern an ze diversifiéieren a gläichzäiteg d'Transparenz vun den Informatiounen iwwer den Zougang zu finanzielle Ressourcen a Prozeduren ze verstärken.
- Allgemeng misst Entrepreneurship an den Heemechtslänner gläichméisseg promovéiert ginn. Aus deem Grond müssen déi **selwecht Chancë** fir Leit aus verschiddene Regiounen aus deemselwechte Land geschaf ginn.
- **Mentor-Mentee Relatiounen / Peer-Netzwerker** ariichten. D'Ënnerstëtzung duerch Peer-Systemer ass wichteg, besonnesch fir den Zougang zu Informatiounen iwwer verfügbar Finanzéierungsméiglechkeeten a –prozeduren an d'Familiarisatioun mat de Verwaltungssystemer am Gaaschtland ze vereinfachen.
- Institutionell Acteure sinn dann erfollegräich, wa jonk Entrepreneurien zeréckkommen. Aus deem Grond sollten d'Acteuren d'**Kompetenzen, fir déi jonk Leit bei hirem Retour ze ënnerstëtzen, erweidern.**
- Jonk Leit an Institutiounen hunn heiansdo eng ënnerschiddlech Opfaassung vun Erfolleg; verschidde Jonker associéieren „Erfolleg“ domat, dass si transnational Entrepreneurie ginn, fir anerer bedeit „Erfolleg“ e kompetitiven an innovativen Entrepreneur an hirem Heemechtsland ginn. Bei der Gestaltung vun de Programmer sollten d'Institutiounen **d'Opfaassunge vun deene Jonke berücksichtegen.**
- **Förderprogrammer** sollten och op d'**Besoinen vun deene Jonken** an net op déi vun den Institutiounen ofgestëmmt ginn.
- De **soziale Schutz sollt op Erasmus+-Entrepreneurien** ausgedehnt ginn (z.B. Subventioun fir Leit, déi eng Aarbecht sichen), fir dass si matzäiten iwwer genuch Ressourcë verfügen, an net drop ugewise sinn, en Job ze hunn, nëmme fir ze iwwerliewen a sech voll op hir Entreprise konzentréiere kënnen.
- **Besser Koordinatioun** tëscht deene verschiddenen institutionellen Acteuren an Niveauen; et ginn immens vill verschidde Programmer op verschiddene Verwaltungsniveauen a privat Programmer; aus deem Grond misst d'Kommunikatioun genee ewéi d'Qualitéit an d'Verbredung vu relevanten Informatiounen iwwer d'Mobilitéit am Zesammenhang mam Entrepreneurship dréngend verbessert ginn.
- **Harmoniséierung vun der d'Legislatioun, déi sech op Entrepreneurship bezitt, an den europäesche Länner**, fir Aktivitéite vu jonken Entrepreneurien an d'Mobilizéit zu deem Zweck ze verbesseren.

- D'unternehmeresch Mobilitéit gëtt heiansdo duerch exzessiv bürokratesch Prozedure par rapport zu den néidegen Dokumenter fir eng Entreprise ze grënne behënnert. De Prozess gëtt duerch nei Sproochen an den Zillänner nach méi komplex. **Online-Prozeduren an Informatiounen** iwwer Steieren, Versécherungen asw. **an e puer Sproochen** sollten an de soziale Medie bereetgestallt ginn. Bei der Entrepreneurship-Mobilitéit kann heiansdo e geschlechterspezifesch Hinderniss festgestallt ginn. Mir recommandéieren aus deem Grond, den **Entrepreneurship vu Fraen** duerch d'Schafe vun Hëllefstrukturen a –programmer fir weiblech Entrepreneurinnen, speziell déi mat Famillen, ze fërderen.

Referenzen:

Landesmann, M. & Leitner, S. M. (2015). *Intra-EU Mobility and Push and Pull Factors in EU Labour Markets: Estimating a Panel VAR Model*. [Working Paper 120.] Vienna: Vienna Institute for International Economic Studies.

FUERSCHUNGSPARAMETER

D'Gesamtzil vu MOVE besteet doran, op der Basis vu Fuerschungsergebnisser dozou bäizedroen, d'Konditiounen fir d'Mobilitéit vu jonke Leit an Europa ze verbesseren an déi negativ Impakter vun der Mobilitéit duerch gutt Praktiken ze reduzéieren, an doduerch d'nohalteg Entwécklung an d'Wuelbefannen ze fërderen.

Déi **wichtigst Fuerschungsfro** ass: Wéi ka sech Mobilitéit positiv souwuel op déi sozio-ekonomesch wéi och op d'individuell Entwécklung vu jonke Leit auswierken a wéi eng Facteure fërderen/behënneren dës positiv Mobilitéit?

Op der Basis vun enger interdisziplinärer Fuerschung op verschiddenen Niveaue sollen am Kader vu MOVE folgend Ziler erreecht ginn:

1. eng ëmfaassend Analys vum Phänomen vun der Jugendmobilitéit an der EU duerchféieren;
2. systematesch Daten iwwer d'Mobilitéitsmuster vu Jugendlechen an Europa op der Basis vu Fallstudien, enger Ëmfro iwwer d'Mobilitéit an enger sekundärer Datenanalys zuesammestellen;
3. eng integréiert quantitatív Datebank iwwer d'Jugendmobilitéit an Europa bereetstellen;
4. en datebaséierten theoretesche Kader zur Verfügung stellen, deen d'Mobilitéit erëm spigelt an esou zu de wëssenschaftlechen a politeschen Diskussiounen bäidréit;
5. op der Basis vun enger integrativer Approche mat qualitativem a quantitativem Datematerial d'Facteuren ënnersichen, déi gutt Praktiken fërderen oder behënneren;
6. evidenzbaséiert Wëssen a Recommendationen fir politesch Decideuren bereetstellen duerch d'Entwécklung vu Good Practice-Modeller mat folgenden Ziler:
 - a. fuerschungsbaséiert Recommendationen formuléieren fir Interventiounen, déi den institutionellen, juristeschen a programmatesche Kader fir d'Mobilitéit mat hire verschiddene Formen an Typen an d'Bedéngungen/Contrainten vun der Mobilitéit fir jonk Leit an Europa verbesseren
 - b. de Länner, déi mat groussen Erausforderungen am Zesammenhang mat der geografescher Mobilitéit vu jonke Berufstätige konfrontéiert sinn, Berodung an Erfahrung zur Verfügung stellen.

Allgemeng Approche a Methodologie

MOVE baséiert op engem transdisziplinäre Fuerschungsdesign op e puer Niveaue. Um Mikroniveau stinn déi jonk Leit an d'grenziwwerschreidend Bewegungen, genee wéi d'Facteuren, déi d'Mobilitéit positiv an negativ beaflossen, am Mëttelpunkt. Um Mesoniveau gëtt den

Organisationsberäich fir déi verschidden Typpe vu Mobilitéit am Kader vun de jeeweilegen nationalen an internationale rechtliche Virschrëften ënnersicht. Um Makroniveau gi schliisslech déi sozial an ekonomesch Daten zesummegeleucht an am Zesammenhang mat der Mobilitéitssituatioun vu jonke Leit analyséiert.

De Fuerschungsprojet MOVE ëmfaasst déi folgend 6 Packagen: Gestionspackage (WP 1), sekundär Datenanalys (WP 2), sechs Fallstudien iwwer verschidde Forme vu Mobilitéit (WP 3), eng Ëmfro iwwer déi jeeweileg Praktiken, Erfarungen a Facteuren, déi d'Mobilitéit beaflossen, op der Basis vun engem zweestufige Prozess mat Echantillonen aus engem Panel (n=5.499) vu mobillen an net mobile Jugendlechen an engem Snowball-Echantillon (n=3.207) vu mobile Jugendlechen (WP 4), d'Triangulatioun vun der qualitativer a quantitativer Analys (WB 5) an en Aarbechtspackage (WP 6) fir d'Kommunikatioun, d'Verbreedung an d'Notzung.

D'Fallstudie goufen, wéi uewen an dësem Policy Brief beschriwwen, fir sechs Typpe vu Jugendmobilitéit an Europa duerchgefouert:

1. Studentemobilitéit an der Héichschoulbildung
2. grenziwwerschreidend Volontariat
3. beruflech Mobilitéit
4. Mobilitéit an der Berufsausbildung
5. Schüleraustausch
6. Entrepreneurship-Mobilitéit.

Duerch d'Konzentratioun op dës sechs Typpe vu Mobilitéit kënne mir déi verschidde Facettë vun der Jugendmobilitéit iwwer d'Strukture vu bestëmmte Programmer fir d'Jugendmobilitéit eraus ënnersichen.

PROJECT IDENTITY

NUMM VUM PROJET	Mapping mobility – pathways, institutions and structural effects of youth mobility in Europe (MOVE) (Mapping vun der Mobilitéit – Parcoursen, Institutionen a strukturell Auswierkung vum der Jugendmobilitéit)
KOORDINATOR	Assoc. Prof. Dr. Birte Nienaber, UNIVERSITE DU LUXEMBOURG, Lëtzebuerg, birte.nienaber@uni.lu
KONSORTIUM	ACADEMIA DE STUDII ECONOMICE DIN BUCURESTI – ASE Bucuresti – Bucuresti, Rumänien AGENCE EUROPEENNE POUR L'INFORMATION ET LE CONSEIL DES JEUNES ASBL – ERYICA – Lëtzebuerg, Lëtzebuerg DEUTSCHES JUGENDINSTITUT EV – DJI – München, Däitschland EURICE EUROPEAN RESEARCH AND PROJECT OFFICE GMBH – Eurice – Saarbrécken, Däitschland WESTERN NORWAY UNIVERSITY OF APPLIED SCIENCES, – HVL – Sogndal, Norwegen ILUSTRE COLEGIO NACIONAL DE DOCTORES Y LICENCIADOS EN CIENCIAS POLITICAS Y SOCIOLOGIA – ICN – Madrid, Spuenien MISKOLCI EGYETEM – UNI MISKOLC – Miskolc, Ungarn STIFTUNG UNIVERSITAT HILDESHEIM – UH – Hildesheim, Däitschland
FINANZÉIERUNG	Horizon 2020 Framework Programme for Research and Innovation (2014-2020), Societal Challenge 6 – Europe in a changing world: inclusive, innovative and reflective societies", Call YOUNG-2-2014, Thema „Youth mobility: opportunities, impacts, policies"
DAUER VUM PROJET	Mee 2015 – Abréll 2018 (36 Méint)
BUDGET	EU-Bäitrag: 2,499,912.00 €
WEBSÄIT	http://move-project.eu/
MÉI INFORMATIOUNEN	Kontakt: Michaela Scheid, m.scheid@eurice.eu

Dës Versioun ass eng Iwwersetzung vum engleschen Originaltext an déngt Informatiounszwecker. Am Fall vun Ofwäichungen huet den engleschen Originaltext Virrang.